

Autismus-Studie: Freiwillige gesucht

Der Fachbereich Psychologie der Universität Luxemburg sucht zurzeit nach Freiwilligen für eine Autismus-Studie, die Anfang November 2013 beginnt. Aufgerufen sind normal entwickelte Kinder sowie Kinder mit einer Autismus-Spektrum-Störung im Alter von fünf bis zwölf Jahren, um in Begleitung ihrer Eltern teilzunehmen. Ziel der Studie ist, zu untersuchen, wie normal entwickelte Kinder und Kinder mit einer Autismus-Spektrum-Störung in demselben Umfeld und unter denselben Bedingungen ihre Emotionen anpassen. Die Kinder werden auf den Uni-Campus in Walferdingen eingeladen, wo ein Forscher ihr Verhalten überwachen wird, während sie individuell mit dem Forscher oder den Eltern beim Spielen interagieren. Sie werden gefilmt, ihre Herzfrequenz wird überwacht und die Eltern der beiden Gruppen von Kindern werden gebeten, einen Fragebogen auszufüllen.

Für weitere Informationen oder bei Interesse an einer Studienteilnahme sollten Eltern bitte Andreia Pinto Costa kontaktieren, E-Mail andrea.pintocosta@uni.lu, T. +352 46 66 44 96 93 (auf Französisch, Englisch oder Portugiesisch). (LW)

Tipps & Termine

Workshop on Social Liberalism

Prof. Frank Michelman from Harvard Law School will hold a "Workshop on Social Liberalism" on Monday 7 September from 16:00 and Tuesday 8 September from 9:00. This workshop will address questions regarding the tensions between liberal political and social welfare concerns in contemporary constitutional democracies.

The workshop will take place at the Abbey of Neumünster Cultural Exchange Center (28, rue Münster, L-2160 Luxembourg - Grund), room A11. To attend, please send an e-mail to fdefcolloques@uni.lu.

New@uni.lu: Speaking about entrepreneurship

Prof. Dr. Denise Fletcher, Professor of Entrepreneurship and Innovation at the University of Luxembourg, will give her inaugural lecture entitled "Speaking about entrepreneurship: what business owners say about venture creation, ownership and management".

The lecture will take place on Wednesday 9 October 2013 at 18:00 at the University of Luxembourg, Tavenas lecture hall (102, avenue Pasteur, Luxembourg).

Vernissage d'exposition-photo: «Entrecrues»

Le vernissage de l'exposition-photo «Entrecrues» aura lieu le mercredi, 9 octobre 2013 à 17h00, dans le hall du Rectorat de l'Université du Luxembourg, sur le Campus Limpertsberg. Le sujet de l'exposition photographique est la violence du genre, la disparition de femmes et de jeunes filles à Juárez. Cette exposition est une des activités organisées par le séminaire Label qui se déroulera les 10 et 11 octobre 2013 au Luxembourg.

Analyse & Meinung

SSES: Wat ass et, wou kënn et hier, wéi kann een hëllefen?

PASCALE ENGEL DE ABREU*

Eng spezifesch Sproochentwécklungsstéierung (SSES) - och nach als Entwicklungsdysphasie bekannt - ass eng unhalend Stéierung vun der Sprooch, déi d'sech Ausdrécken an d'Verstoe vu Geschwatenem erschweiert. Eng SSES ass net op e Mangel u sproochlecher Stimulatioun, Méisproochegkeet, e Problem mam Héieren oder vun der Intelligenz zeréckzeféieren. Den Ausdrock „spezifesch“ soll dätlich man, datt et sech ëm eng Stéierung handelt, déi gréisstendeels d'Sprooch betrëfft, währéndeems aner kognitiv Beräicher scheinbar net betraff sinn.

SSES gëllt ouni Zweifel als eng vun den heefegsten Entwécklungsstéierungen. Fuersungen aus den USA an aus England weisen, datt tëschent 5 bis 10 % vun alle Kanner un enger SSES leiden, dorënner méi Jonge wéi Meedercher. D'Stéierung begéint ee wéinstens grad esou dacks wéi d'Dyslexie an si ass méi heefeg wéi ADHS (Aufmerksamkeitsdefizit-/Hyperaktivitätsstörung) oder Autismus, erstauwelecherweis awer vill manner bekannt. D'Verstoen an d'Produktioun vun der geschwatenen Sprooch ass eng wichteg Grondlag fir d'Léiere vun der geschriwwener Sprooch. Kanner mat enger SSES hunn also net seelen och Problemer mam Liesen a mam Schreiwen.

Kanner, déi vun enger SSES betraff sinn, fänken normalerweis spët un ze schwätzen (oft eréischt, nodeems datt si zwee Joer al sinn). Net all Kanner, déi spët mat Schwätzen ufänken, entwécklen awer eng SSES. Ongeféier 13 bis 20 % vun alle Kanner si sougenannt „spët Schwätzer“ (late talkers); dovunner kënnen ongeféier d'Halschent hire sproochleche Retard ophuelen an entwéckelen sech da ganz normal. Déi aner Halschent hëlt de sproochleche Réckstand aus engem onerklärbarem Grund awer net op; an deem Fall handelt et sech dann ëm eng SSES.

Dat geneet Erscheinungsbild vun enger SSES ass net bei all Kand d'selwecht. Dacks hu betraffe Kanner Problemer, fir richtig ze schwätzen. Et fält hinne schwéier, Wieder richtig zu Sätz ze formen an si schwätzen dofir normalerweis a kuerzen an einfache Sätz déi kléngen, wéi déi vun engem jonke Kand (z.B. „Wëll Buch kucken“ amplaz vun „Ech wëll e Buch kucken“).

D'Endungen an d'Reiefolleg vun de Wieder entspriechen och dacks net der Grammatik vun der Sprooch (z.B. „Hie war eng Course geleeft“ amplaz vun „Hie war eng Course gelaft“ oder „Hien hat e Kuch gebaakt“ amplaz vun „Hien hat e Kuch gebak“).

Verschidde Kanner hunn och Problemer mat hirer Aussprooch. Si verwiessle Sproochlauter oder loossen se ganz ewech a sinn dorwéinst dacks schwéier ze verstoen (z.B. „sotola“ fir „Schokela“ oder



(PHOTO: SHUTTERSTOCK)

„Lomotiv“ fir „Lokomotiv“). Et ginn dann och Kanner, déi zousätzlech zu hire Problemer mat der Sproochproduktioun Schwierigkeeten hunn, fir ze verstoen, wat aner Leit soen.

Obwuel am Beräich vun der Sproochentwécklung a vun de Sproochstéierungen an de leschte Joeren immens vill gefuerscht gouf, sinn déi genee Ursache vun enger SSES bis ewell net bekannt. Eng ganz Partie vu Fuerscher sinn der Meenung, datt eng SSES op e Problem am Beräich vun der kognitiver Veraarbechtung vun der geschwatenen Sprooch zeréckzeféieren ass. D'Kanner hunn also keng kierperlech Aschränkung vun der Gehir huet Schwierigkeeten d'Sproochlauter richteg ze verschaffen. D'Kanner mat enger SSES fannen et zum Beispill schwéier, fir lang Quatschwierder („Schéiwleksuestel“ oder „Kuschtmuki“) nozeschwätzen, net well si d'Wuert net richteg mat hirem Ouer „héieren“, mee well hiert Gehir Schwierigkeeten huet, fir déi eenzel Lauter am Wuert richteg ze verschaffen a wouerzehuelen.

Duerch sougenannt Zwillingstudien huet d'Fuersung gewisen, datt eng SSES staark genetesch bedéngt ass. Dës Studie baséieren dorop, datt eeneeëg Zwillinge genetesch identesch sinn, mee awer zweeeeëg Zwillingen nëmme 50 % vun hire Genen deelen (esou wéi normal Geschwëster).

A béide Fäll gëtt dovun ausgang, datt d'Ëmfeld vun den Zwillingen ähnlech ass: een-sougutt ewéi zweeeeëg Zwillinge ginn normalerweis an darselwechter Famill grous, ginn an déiselwecht Schoul an esou wider. Wann déi eeneeëg Zwillingen sech dann an engem bestëmmte Beräich méi ähnlech sinn ewéi déi zweeeeëg Zwillingen, gëtt dovun ausgang, datt dese Beräich op d'Genen an net op d'Ëmfeld (dat jo fir béid Zwillingengruppen d'selwecht ass) zeréckzeféieren ass. Rezent Fuersungsaarbechte weisen, datt

een eeneeëgen Zwilling mat enger SSES méi dacks een Zwilling huet, deen och un enger SSES leit ewéi een zweeeeëgen Zwilling, an dowéinst gëtt gemengt, datt eng SSES eng genetesch Origin huet. Et ass awer net esou, datt et nëmme ee Gen fir d'Sprooch gëtt, dee bei Kanner mat enger SSES einfach „defekt“ ass. Vill méi handelt et sech bei enger SSES ëm eng komplex Stéierung, déi sech aus enger Unzuel vu genetesch an anere Risikofactoren zesummesetzt. Wann eng Stéierung e genetesch Usaz huet, heescht dat och net, datt alles muss virbestëmmt sinn an näischt méi gemat ka ginn. D'Fuersung weist ëmmer méi kloer, datt d'Ëmfeld net selten en Afloss dorop kann hunn, ob a wéi sech d'Genen ausdrécken.

Wéi kann ee Kanner mat enger SSES dann elo hëllefen?

Fir d'alleréischt muss eng SSES richteg erkannt ginn. Dës ass net ëmmer einfach, well eng SSES ass net bei all Kand offensichtlech. Kanner mat enger „verstoppter“ SSES reagieren dacks net op wat een hinne seet a kënnen den Androck ginn, si wiere frech oder liddereg, wou si awer a Wierklechkeet e spezifesch Problem mat der Sprooch hunn an net verstanen hunn, wat si solle man.

D'Diagnos vun enger SSES geschitt normalerweis duerch eng multiprofessionell Equipe, déi sech ënner anerem aus Psychologen, Orthophonisten, Pedagogen an och dachs aus medezineschen Dokterinnen zesummesetzt. Zu Lëtzebuerg gëtt eng SSES Diagnose heefeg vum Centre de Logopédie erstallt. De Centre de Logopédie ass och eng ëffentlech Schoul wou virun allem Kanner mat enger SSES oder Problemer mam Héieren betreit ginn.

Ee vun den Haaptcritère fir eng SSES Diagnos ass eng Diskrepanz tëschent engem Kand senger nonverbaler (net sproochlecher) Intelligenz a senger Resultater a Sproochentester. Adequat Tester, fir déi verbal Fähegkeet vun en-

gem méisproochege Kand ze evaluieren, ginn et awer leider bis ewell keng, wat d'Diagnos vun enger SSES an engem méisproochege Kontext wéi zu Lëtzebuerg schwéier mécht. Et ass bis elo bal onméiglech fir e kognitive Sproochdefizit (eng SSES) vun enger Sproochdifferenz bedéngt duerch een Immigratiounshannergronn zum Beispill z'ënnerscheiden. Een Zil vun eiser Fuersung bei EMACS ass et klinesch Markeren ze fannen, déi den Therapeute kënnen hëllefen desen Ënnerschied ze man.

Et ass allgemeng hëllefreich, wann d'Elteren an d'Enseignanten mat Kanner mat enger SSES (oder dem Verdacht op ee Sproochproblem) a kuerze Sätz schwätzen, komplizéiert Wieder ëmginn, Informatiounen dacks widerhuelen a mat visueller Supporte schaffen. Et ass falsch ze mengen, datt e Kand, wat net richteg schwätzen oder schreiwe kann, soss keng Fähegkeete kéint hunn.

Ganz am Géigendeel, Kanner mat enger SSES kënnen a bestëmmte Beräicher ganz talentéiert sinn. Et ass immens wichteg des Talenter ze entdecken an d'Kanner ze encouragéieren des Fähegkeete weider ze entwéckelen, sou datt sech hir Sproochproblemer net op hir emotionell a sozial Entwécklung auswirken. Kanner mat enger SSES, déi richteg erkannt a gefördert goufen, kënnen sech dacks zu exceptionellen Erwuessenen entwéckelen.

*Dr Pascale Engel de Abreu ass Professeur op der Universitéit Lëtzebuerg a fuerscht bei EMACS am Beräich vun der kognitiver Kannerpsychologie. A senger Fuersung interesséiert hatt sech besonnesch fir d'Entwécklung vun der Sprooch, d'Ursachen an d'Diagnos vu spezifesch Sproochentwécklungsstéierungen an Dyslexie, an d'Roll vun den Exekutivfunktione beim Léieren. Hatt ass och Member vum „Léier Expertise a Fuersungsnetzwerk“ LEARN, e Grupp vu Wëssenschaftler a Praktiker, dee sech haaptsächlech fir Léierprozesser a Léierschwierigkeeten bei Kanner zu Lëtzebuerg interesséiert.

■ learningandresearch.wordpress.com